VIRLIESCONCOURS 2021

Famill

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse



Copyright : Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse
Rédaction : Anne-Marie Antony, Anne Biesdorf
SCRIPT
eduPôle Walferdange, BP 98, L-7201 Bereldange

Tél. : 247-85184 / 247-75192
Illustration : Marina Herber
Internet : **http://www.script.lu**

Virwuert

Famill

En Thema wat mir all gutt kennen a wat eis e Liewe laang begleet ass d'Famill.

Virun allem zanter Mëtt Mäerz 2020, wéi de Confinement ugaang ass, ass dat Thema méi präsent ginn: sief et well mer Deeler vun eiser Famill net konnte begéinen a se vermësst hunn, sief et well mer méi Zäit mat der Famill verbruecht hunn an dat deels ganz flott awer och alt emol schwiereg war.

Mir hu versicht eis Familjemembren ze schützen an d'Famill war dee Grupp, mat deem mir d'Zäit vum Lockdown ganz intensiv gelieft hunn. Mir hu vläicht och eis Famill ganz nei erlieft.

Mir hunn eis op alle Fall mat eiser Famill beschäftegt.

D'Famill war an ass also e grousst Thema. Dat gëllt och soss an eisem net-Covid-Alldag. Zu all Zäit an der Geschicht an awer och an all Kultur ass d'Famill eng wichteg Gemeinschaft. Dat war fréier déi no Famill mat Elteren a Geschwëster awer och dacks de Grousselteren, déi all zesumme gewunnt hunn. Dat sinn haut deels och aner Forme vu Famill: Kanner déi nëmmen 1 Elterendeel hunn oder wou d'Eltere getrennt sinn, Patchwork-Famillen, Kanner mat 2 Pappen oder 2 Mammen, Geschwëster, déi vläicht guer keng Eltere méi hunn an an enger Fleegefamill liewen oder Familljen, déi adoptéiert Kanner hunn.

An all deene Fäll gëtt et flott gemeinsam Momenter wann een z. B. zesumme feiert an et ginn awer och Ablécker, wou et Sträit gëtt: de klenge Brudder oder d'grouss Schwester nerven, de Papp oder d'Mamm verstinn een net oder hu keng Zäit ...

Aus all deene Grënn hu mir dëst universellt Thema fir de Virliesconcours 2021 erausgesicht.

Eng grouss Auswiel vu Kannerbicher beschäftegt sech mam Thema Famill an alle Facetten a mat all gudden oder schwierege Gefiller. Dat sinn abenteuerlech Geschichten oder där voller Emotiounen. Vill Bicher erzielen och ganz humorvoll Familljegeschichten.

Beim Virliesconcours kënnen d'Kanner Extraite presentéieren, déi Beispiller weisen, wou et grad gutt an der Famill leeft oder eng besonneg witzeg Familljenzeen passéiert. Si kënnen awer och Texter wielen, déi e schwierege Moment weisen. Et kann erëm an den dräi Schoulsprooche virgelies ginn: Däitsch, Lëtzebuergesch oder Franséisch.

D'Finall ass dëst Joer ëm den 22. Juni 2021. Wéinst der ongewësser Entwécklung vun der sanitärer Situatioun maache mir keng grouss Finall mat Publikum, mee wäerten dee Moment de Jury online beieneeschalten fir de nationale Gewënner ze ermëttelen.

Dem Virliesconcours 2021 wënschen ech e grousse Succès an all deenen, déi matmaachen, vill Spaass.

En häerzleche Merci och jidderengem, deen op déi eng oder aner Manéier beim Concours hëlleft.

Luc Weis
Direkter vum SCRIPT

Famill

Famill ass een Thema, dat jidderee kennt a jiddereen eppes ugeet.

Mir sinn all an eng Famill eragebuer ginn. Vläicht si mir Eenzelkand, vläicht hu mir Geschwëster. Déi eng hu Mamm a Papp, anerer méi wéi ee Papp oder méi wéi eng Mamm oder deels nei Geschwëster. Nach anerer hu just een Elterendeel oder sinn an eng nei Famill komm. Eventuell wunnen och d'Grousselteren oder soss e Familljemember bei eis. Vläicht ass eis déi méi wäit Famill mat Cousinë a Cousineën, Tattaen a Monnien, ... wichteg a mir ënnerhuele flott Aktivitéiten zesummen. Da kann et sinn datt mir eis meeschtens, awer net ëmmer gutt verstinn. Et nervt mol een, mä meeschtens ass an der Famill ee fir deen aneren do. Hoffentlech feieren a laache mir och vill mateneen. An der Famill ass dacks einfach vill lass.

All dës Aspekter an nach anerer ronderëm d'Famill kënnen dëst Joer am Virliesconcours behandelt ginn.

Am Virwuert vun dëser Broschür gëtt d'Thema nach méi explizit ugeschwat.

Wat gëtt gelies?

Et kënne verschidde Facettë vum Thema beliicht ginn: den Extrait kann eng Situatioun beschreiwen, an där d'Famill eng Hëllef ass an engem Kraaft gëtt. E kann awer och e Moment weisen, wou ee gesäit, datt et an enger Famill schwiereg Situatioune ginn. De gewielten Extrait kann och witzeg Alldagssituatiounen an der Famill beschreiwen oder den Alldagschaos illustréieren.

Beim Virliesconcours kann an enger vun den dräi Schoulsprooche virgelies ginn: Däitsch, Franséisch oder Lëtzebuergesch. Fir déi 3 Sproochen zesummen gëtt et 1 Gewënner, net 1 Gewënner pro Sprooch.

Zougelooss sinn nëmme Kanner- a Jugendbicher, keng Zäitschrëft, keng Fotokopie a kee Schoulbuch. Gedichter an Theaterstécker sinn och net erlaabt. Wéinst der spezieller Situatioun dëst Joer ass en E-book als Support de lecture erlaabt, wann et d'Buch och soss als normal gedréckte Buch an der Librairie gëtt.

D'Kanner siche sech e Buch zum Thema aus. D'Schoulbibliothecairen an d'Enseignantë sinn invitéiert, si bei der Auswiel vun de Bicher an de passenden Extraiten z'ënnerstëtzen. Zesumme solle si kucken, ob d'Buch dem Alter vum Kand entsprécht, a si sichen eng Plaz am Text eraus, déi dem Thema gerecht gëtt a sech gutt eegent, fir virgelies ze ginn.

Den Timing vum Virliese ass strikt anzehalen: 3 Minutte fir de bekannten Text.

Fir d'Finalisten kënnt zousätzlech en onbekannten Text derbäi. Dësen huet eng Virlieszäit vun ongefëier 2 Minutten.

Weider hannen an der Broschür sti Kritären, no deenen d'Liese bewäert gëtt.

Wéi leeft de Concours of? – Upassung un déi extra Situatioun 2020-2021

1. Etapp: An der Klass

D'Kanner sichen d'Sprooch eraus, an där si virliese wëllen. Dës Sprooch hale si bei allen Etappe bäi.

An de Klasse vum Cycle 4 ginn déi bescht VirlieserInnen ermëttelt. Dat heescht konkret, datt et **fir déi 3 Sproochen zesummen 1 Gewënner** gëtt, net 1 Gewënner pro Sprooch. Dëst gëllt vum Niveau Klass un och duerno bei den aneren Etappen.

2. Etapp: Am Schoulgebai

Ënnert de Klassebeschte gëtt an der zweeter Etapp de beschte Virlieser/déi bescht Virlieserin aus dem ganze Schoulgebai ermëttelt.

Et ass de Schoulbibliothecairen an den Enseignanten iwwerlooss, wéi si de Concours innerhalb vun hirem Gebai wëllen organiséieren. **De SCRIPT brauch wgl. eng Audio-Opnam vum Schoulgewënner sengem Extrait (maximal 3 Minutten)**.

Mir recommandéieren, datt de Klassegewënner bei de Schoubibliothecaire virliese geet, dësen eng Audio-Opnam dovu mécht an se an engem shared folder mat de Jurysmemberen deelt. Et ass dem Schoulbibliothecaire fräi iwwerlooss, säi Jury zesummenzestellen. Et gëtt geroden, eng ongerued Zuel vu Jurysmembren ze definéieren fir Pattsituatiounen ze vermeiden.

No enger gemeinsamer Deliberatioun (am presentiell oder iwwer teams) **mellt de Schoulbibliothecaire dat Kand, dat a sengem Gebai gewonnen huet, mam Onlineformulaire beim SCRIPT un a schéckt an engems d'Audio-Datei vum Kand per Mail oder via wetransfer.com u** virliesconcours@script.lu.

De **Formulaire fir d'Umeldung vum Schoulgewënner** ass online ze fannen ënnert der Adress: http://tinyurl.com/vlc2021

De Schoulgewënner soll wgl. **bis spéitstens de 26. Mäerz 2021** gemellt sinn. Aus **all Schoul**, egal wéi grouss se ass, kann nëmmen **1 GewënnerIn** ugeholl ginn.

3. + 4. Etapp: Challengevariant

No der Etapp vum Schoulgewënner goufe fir d'Editioun 2021 **gréisser Upassunge** gemaach, fir der ongewësser Entwécklung vun der sanitärer Situatioun Rechnung ze droen.

Nom Niveau Schoulgewënner wiesselt de Concours op d'Challengevariant, wéi Dir se vum schouldoheem.lu kennt.

Konkret heescht dat, datt d'Schoulgewënner mat hiren Donnéeën an hirer Audio-Datei direkt um SCRIPT gemellt ginn, an et **keng Halleffinall an de Regioune** gëtt. De SCRIPT stellt e Jury op, dee fir d'éischt e Gewënner pro Regioun ermëttelt, opgrond vun den Audio-Dateien, déi erageschéckt goufen.

De Regionalgewënner ass domatt automatesch Finalist a kritt via säi Schoulbibliothecaire vum SCRIPT en onbekannten Text geschéckt. Dëse schéckt hien spéitstens no 24 Stonnen via säi Schoulbibliothecaire als Audio-Datei un de SCRIPT zréck.

Wéinst der ongewësser Evolutioun vun de sanitäre Mesuren ass och **keng Finall am Presentiell** virgesinn an och **kee Live-Event mat de Finalisten**. Den nationale Jury trëfft seng Entscheedung opgrond vun den zwou Audio-Dateien – de bekannten an den onbekannten Text – vun de Finalisten an deliberéiert an engem Online-Meeting.

De Jury

Fir d'Ermëttle vum Schoulgewënner ass et dem Schoulblbliothecaire fräi iwwerlooss, säi Jury zesummenzestellen.

Fir d'Etappen duerno si Leit aus dem Bicher-a Kulturmilieu, respektiv dem Enseignement am Jury.

D'Decisioun vum Jury kann net ugefecht ginn. De Rechtswee ass ausgeschloss.

Wat a wéi gëtt bewäert?

Beim Virliesconcours geet et net nëmmen drëm, ouni Feeler virzeliesen. Bei der Bewäertung spillen och nach aner Kritären eng Roll:

1. Technik vum Liesen

Gëtt den Text flësseg gelies, däitlech ausgeschwat, sënngeméiss betount? Ginn d'Liespause richteg agehalen (Komma, Punkt ..)? Sinn de Liestempo an d'Lautstäerkt richteg ugepasst? Kleng Verspriecher ginn hei net iwwerbewäert.

2. Textverständnis an Textgestaltung

Mierkt een, datt d'Kand den Text verstanen huet? Gëtt d'Stëmm gutt agesat, fir den Text ze gestalten, ouni iwwerdriwwe Schauspielerei? Geléngt et dem Kand, d'Stëmmung vum Text gutt erëmzeginn? Fillt een sech als Nolauschterer ugeschwat?

3. Choix vum Extrait

Gëtt den Extrait dem Thema gerecht? Ass d'Lieszäit gutt geplangt? Entsprécht den Text dem Alter vum Kand?

Wat gëtt et ze gewannen?

Op de Niveauen 3 a 4 gëtt et Bicherpräisser ze gewannen. De nationale Gewënner kritt e Buch an e gréissere Bicherscheck.

Fir weider Informatiounen:

anne-marie.antony@men.lu
(Tél. 247-85184)

anne.biesdorf@men.lu
(Tél. 247-75192)

virliesconcours@script.lu

Formulaire w.e.g. online ausfëlle bis de 26. Mäerz 2021

ONLINE-Formulaire: https://tinyurl.com/vlc2021

Kand	
Numm a Virnumm	
Cycle	
Hausnummer, Strooss	
Plz an Uertschaft	

Schoul	
Numm	
Hausnummer a Strooss	
Plz an Uertschaft	
Regionaldirekter	
Unzuel vu Kanner, déi am Schoulgebai matgemaach hunn	

Léierpersoun	
Numm	
Email	

Schoulbibliothecaire	
Numm	
Email	

Buch	
Titel	
Auteur	
Verlag	
ISBN	

SCRIPT